

JESSIE THILL

EIS NEI SCHÄFFIN ZU WALFER STELLT SECH VIR



“Ech hunn 24 Joer, si grad mat mengem Masterstudium an der Ëmweltphysik fäerdeg ginn, a fänken deemnächst bei der Ëmweltverwaltung am Beräich 5G u mat schaffen. Ech notzen dës Iwwergangsphas esou vill ewéi méiglech fir mech op

der Gemeng anzeschaffen a mech voll op meng nei Positioun als Schäffin ze konzentréieren.

Als Kand wollt ech ëmmer de Planéit retten. Haut weess ech datt et net de Planéit ass de muss gerett ginn, mee eis Liewensgrundlagen a Liewensqualität. A genau aus dëser Iwwerzeegung, hunn ech d'Entscheidung geholl mech virun iwwer 3 Joer bei deene Gréngen ze engagéieren. Bei kenger anerer Partei zitt sech den ökologesche Gedanken duerch sämtlech Beräicher; sief dat d'Gestaltung vun onser Economie, dem Logement, dem Transport oder der Landwirtschaft.

Och duerch mäin Studium, sinn ech mir an deene leschte Joer ëmmer méi bewusst ginn, wéien Impakt d'Pollutioun vun eisem Waasser, eiser Loft an eisem Buedem op ons an eis Natur huet. Ech sinn der fester Iwwerzeegung datt mer dat nëmmen an de Grëff kréien duerch konsequent an ambitiéis politesch Decisiounen op allen Niveauen.

Säit 2017, vertrieden ech déi gréng am Gemengerot zu Walfer an engagéiere mech och ganz motivéiert bei de jonke gréngen, wou ech säit 2019 Spriecherin sinn. Ze gesinn, datt een och als Jonken eppes areeche kann an och mat deene ganz Grouse matschwätze kann, motivéiert mech. Haut ginn Decisiounen fir Muer geholl, an dowéinst wëll ech Jonken eng Stëmm ginn, schliisslech geet et jo ëm ons Zukunft.

Nieft den ökologesche Sujeten, déi mir vill um Häerze leien, ginn ech awer och gedriwwen duerch de Kampf fir eng weltoppen an inklusiv Gesellschaft. Wou ech Kleng war, hunn ech refuséiert rosa unzedoen an hunn op meng ganz eegen Aart a Weis géint Clichéë schonn am jonken Alter gekämpft. Firwat sollt ech och net kënne mat de Jonge Fussball spillen an eng Kap de falsche Wee undoen? Genau esou Froe sinn et déi mech haut och nach beschäftegen, firwat sollt ech als jonk Fra net kënne Physik studéieren oder en politescht Amt bekleeden?”



3 FROEN UN D'JESSIE THILL ZUM NEIE MANDAT

Wéi gees du deng nei Aufgab un a wat bedeit dir däi neit Mandat?

Mat vill Freed an awer och grad esou vill Respekt ginn ech un den neie Challenge vum Schäffeposten erun. Ech sinn houfreg déi gréng Walfer, mee awer och déi Jonk vu Walfer, kënnen hei ze verrieden. An der kuerzer Zäit wou ech schonn hei sinn, hunn ech schonn immens vill geléiert an ech freeë mech op d'Zukunft.

Wat si fir dech déi grouss Erausforderungen zu Walfer?

Eng vun de groussen Erausforderunge vu Walfer ass, datt mir eng vun de flächeméisseg klengste Gemenge sinn, awer dofir eng vun deene Bevëlkerungsdichtste – mam 4t héchste m² Präis am Land. Hei musse mir et fäerdeg bréngen, der Demande no Wunnensraum nozekommen a gläichzäiteg ons Liewensqualitéit an onsen Duerfcharakter ze behalen. Hei gëllt et déi geplangte Renaturéierung vun der Uelzecht an de Réckbau vun der N7, ewéi och d'Neigestaltung vum PAG ze notzen, fir dëst ze errechen.

Eng grouss Biergerbedeelegung zur Gestaltung vum Zentrum vu Walfer, huet et ons erlaabt e Masterplang auszeschaffen, wou de Wësch an Ziler, déi vun de Bierger formuléiert goufen, Rechnung gedroe gëtt. Et geet drëms onsen Zentrum ze beliewen an zesumme mat de Bierger ze gestalten.

Kuerzfristeg Projeten déi Walfer dringend brauch, sinn eng Reform vun onsem Offallkonzept, eng

Zesummenaarbecht mam SICONA och en vue vum Naturpakt dee kënnt an e richtegt an duerchgoend Vëloskonzept fir ons Gemeng. Als gréng Walfer hu mir elo schonn 3 mol onse Bio-Maart organiséiert, wou mir de Leit aus onser Gemeng e méi nohaltegt a gesond lesse méi no bréngen wëllen. Dëse Maart war ëmmer gutt besicht an e volle Succès, dofir si mir frou, datt mir ab Mäerz/Abrëll wäerten all Samschden e Bio-Geméis-Stand an eiser Gemeng hunn.

Wéi ee Bilan géifs du 2023 gäre vun denger Aarbecht zéien?

Ech géing mir wënschen, datt mir 2023 eng méi gréng a méi nohaltegt Gemeng virweise kënnen, wou mir zesumme mat de Bierger d'Zukunft vu Muer gestalt an eppes fir d'Liewensqualitéit fir Mënsch a Natur gemaach hunn.



D'Jessie Thill gouf den 16. Oktober 2020 als nei Schäffin vereedegt an huet domat d'Nofolleg vum Danielle Van Acker iwwerholl.